

## Rapport Referees Commission 17 Januar 2016

**Uwiesend:** Geib, Nesser, Keiffer, Weber, Simonelli, Pascalicchio, Schmitt

**Entschellegt:** Scheuren, Ney, Karier

### 1. **Adoptioun vum Rapport vum 29.11.2016**

De Rapport ass approvéeiert.

### 2. **Formatioun JA 14.01.2017**

24 Jonk Arbitter a 5 Tuteuren hunn un der Formatoun deel geholl. Folgend Veräiner hu mat gemaach: HB Museldall, HC Bierchem, HB Beetebuerg, HB Diddeleng, CHEV Dikkrech an den HBC Schëffleng.

### 3. **Formatioun Arbitres 21.01.2017**

Eng Formatoun gëtt den **21.01.2017** ab 09h30 um INS organiséiert. Des ass **obligatoresch** fir all Arbitter.

### 4. **Nei Uniformen**

Ab dem Final 4 Ufank Mäerz sollen néi Arbitteruniformen zur Verfügung stoen. Vergiesst net är Gréissten un de Patrick Simonelli ze schécken.

### 5. **Cours Sekretär/Chronométréur**

Den HB Museldall organiséiert e Cours Secrétaire/Chronométréur de 24. Januar um 19h00 an der Buvette vun der Sportshal. D'Veräiner si gebieden sech beim Tun Gary [garya@pt.lu](mailto:garya@pt.lu) unzemellen. De Cours gëtt gehale vum Francis Keiffer.

### 6. **RAPPEL: Delegéierte Formatoun**

D'Refcom schreift en Delegéierten-Cours aus. Wichtig: **Et muss ee net Arbitter sinn oder gewiescht sinn fir Delegéierten ze ginn.** Mellt iech w.e.g. un per Mail op [mail@flh.lu](mailto:mail@flh.lu). Den Datum vun der Formatoun as Enn **Februar 2017**. Bis elo hunn sech ugemellt: Jeannot Ney an Arni Biren. **Mellt iech un bis den 01. Februar w.e.g.**

### 7. **RAPPEL: Physeschen a theoretischen Test 2017**

Den Test Luc Léger an den theoretischen Test fir den 2. Deel vum Championnat fanne statt de **04.02.2017 em 09h30 um INS.**

### 8. **EHF Beobachter Helmut Wille um Final 4 2017**

Bestätegung vun der EHF fehlt nach ass awer ugefrot. Zëmmer an der Coque ass ugefrot.

## 9. **Rappel: Ennerkleeder (Thermo oder Kompressioun)**

D'RC erënnert drun, dass Ennerkleeder (Thermo oder Kompressioun) mussen der Haaptfuarw vum Trikot ugepasst sinn. Thermosboxen am Stil vu Velosboxen (Kuerz bis iwwert de Knéi) sinn dovun **net** betraff! Wéinst Verwiesslungsgefor mam Golkipp, si laang Thermosboxen (och Einzelbeen) awer verbueden! Dëst soll fir d'Ekippe vun der Sales-Lentz League an der Loterie Nationale Coupe de Luxembourg Dammen an Häre gëllen. Gëtt dat net respektéiert mussen d'Spiller des Ennerkleeder ausdoen an den Mannschaftsverantwortlechen A gëtt progressiv bestrooft. D'RC erënnert drun, dass des Uweisung virun der Saison bei der Presentatioun vun de néie Reegelen erkläert ginn ass. International mussen souguer d'Strëmp an enger eenheetlecher Faarf sinn.

**Nächst Versammlung: Dënschdeg den 21. Februar um 18:15.**